D'Massendénger aus der Par Konsdref sichen nei Massendénger!

Jiddereen (Jong oder Meedchen), deen elo am cycle 3.1. ass, ass häerzlech wëllkomm.

Selbstverständlech dierfen och Kanner bei eis matmaachen, déi an de Cyclen 3.2. / 4.1. / 4.2. oder souguer Jonker déi am Lycée sinn.

Am Moment besteet eise Massendéngergrupp vun der ganzer Par nach aus genee 12 Massendénger am Alter vun 10 Joer bis rop an den Erwuessenenalter. Kuckt op der Homepage vun der Par Konsdref – do kritt der och nach een Abléck an eis Aktivitéiten (www.parverband-consdorf.lu).

Mellt Iech w.e.gl. beim Tanja KONSBRUCK tanja.konsbruck@education.lu
18, rte de Luxembourg L-6210 CONSDORF; tel: 79 05 22 55 oder 661 622 511
oder no de Massen an der Sakristei!

Wann der Iech gemellt hutt, héiert der spéidestens eppes vun eis, wann deen neien Déngschtplang rauskënnt (dee kënnt ëmmer parallel zum Parblat raus). Dir gitt dann agedeelt wee wéini d'Déngscht huet – am Prinzip ass d'Mass hei zu Konsdref Samsdes Owes em 19.15 Auer mee et sinn och mol nach aner Déngschter an der Kierch wou Massendénger gebraucht ginn (Dafen, Begriefnesser, Hochzäiten….).

Niewen dem Déngscht an der Kierch maache mer awer och bäi Aktivitéiten fir Massendénger aus dem ganze Land mat; mir gi klibberen (an der Karwoch); fierwen Ouschterär déi mer fir ee gudden Zweck verkafen, déngen an eise Pilgermassen zu Iechternach resp. an der Kathedral…..